LËTZEBUERGER STUDENTEN zu HEIDELBERG

Perkeo

D'Letzebuerger Studentenzeitung fir lwwerwourecht an lwwerrecht

Nummer 18 – November 2007

Et gett alles gudd...

Ersti-Führer Sait 3; Simpsons zu HD Sait 9

...SOSS NACH AN DESER EDITIOUN:

- Wuert vum Präsident
- Femmverbot
- LSH-Favourites vum Semester
- Aktiviteiten SS2007
- Beis Zongen behaapten
- Forschette op de Kapp
- Konscht-,Kinos- a Literatureck
- Luxodaitsch
- Gos-sick
- Ennerwaasserrugby

Editorial:

Leif Lieserinnen a Lieser,

E neit Semester steet nees virun der Diir, an domat as et och nees Zait fir dei neisten Ausgaab vum Perkeo, deser leschter an onbezwengbarer Bastioun vum onbestiechlechen an investigativen Qualiteits-Journalismus an desen Zaiten vu floreierender Boulevardpress an uewerflächlechen Heichglanz-Magaziner.
Nierft den üblechen Verdächtegen wei etwa dem Kinos- a Literatureck" sin an deser Edition och e puer nei Rubriken wei d „LSH-Favourites" oder d „Letzebuerger Simpsons zu Heidelberg" ze fannen. Des weideren feiert an deser Ausgaab och deen een oder aneren scho baal vergiessenen Klassiker wei „Beis Zongen behaapten" sai Revival.
En erfollegraicht Semester brauch ech ierch dess keier un deser Stell gottseidank net ze wenschen, daat iwwerhellt eise Prési, a mir sin jo hei schließlech och keng karitativ Ariichtung fir Zärtlechkeets- an Zousprochsbedürfteger ;-).



gewinnt stilvoll: eis Perkeo-Redaktioun

Ofschleissend sief awer och nach eng Warnung erausgin: als deklareiert Pseudo-Dissidenten a Geigener vun der moderner Notzensgesellschaft hu mir de Pabeier vum Perkeo extra esou gewielt, dat en sech op Gronn vu senger minimaler Sauchfähegkeet mol net dozou eegent, als Toilettepabeier gebraucht ze gin.

An deem Senn vill Spaass mam garanteiert[1] iwwerflessegen Perkeo.

DH aka Kafka

Wuert vum Präsident:

Leiw aal a nei Heidelberger,

Lo ass et nees souweit: d'Vakanz ass eriwwer, deen een oder aneren huet vlait e bessen Geld verdingt fir d´Studium ze finanzeieren an d'Erstien wärten schon dei eng oder aner Keier iwwert den Unichaos geflucht hun. Fir ierch desen Astieg ze vereinfachen get et den LSH. Souwuel op eisem wöchentlechem Stammdesch,wei och op eisen Partyen kennt dir bei dem engen oder aneren Patt licht Kontakter knüpfen.
Beim Entdecken vun der Stadt an den Bistroen, sollt der aer Studien awer net vernoleissegen, well och wann am Ufang alles easy peacy ausgeseit, kann dat awer och täuschen.

[1] Dess Garantie as zwee Meint laang gülteg; bei Beustaandungen bezüglech der Notzloosegkeet vum Perkeo ennerhalb vun deser Frist kritt diir aere Perkeo duerch e gleichonwaertegt Perkeo-Exemplar ersaat

Eise Präsi warnt: „Huelt aert Studium net zevill relax!"

Den LSH Comité wenscht ierch an ären Studien op alle Fall vill Erfolleg an hofft ierch op enger vun sengen sellegen Aktiviteiten begreissen ze kennen.

Fir den LSH Comité (bescheeden wei emmer, eise Prési ;-); n.d.l.réd.)
Ivan Ridolfi

„Heil, Hommelhof!": Den Heidelberger Ersti-Führer

Als Hommage un eisen Uni-Rektor, deen eis leider leschte Mount verloos huet an duerch den Här Eitel ersaat get, hu mer decideiert, eisen Ersti-Guide no eisem heichgeschaaten Här Hommelhoff ze benennen. Vun eisen eelere Semester gouf desen sympateschen eeleren Här och einfach nemmen ganz leifvoll „Hommi" genannt. Nemmen allzegaeren hett hien den LSH-Erstien perseinlech mat sengem Heidelberger Erfaarungsschatz zur Sait gestaan, war awer leider verhennert. Hei also, och ouni dem Hommi seng Hellef, daat wichtegst iwwert Heidelberg vun A-Z:

A wei Ami: mir wellen hei mol direkt mam Klischee opraumen, d Amerikaner gengen et net faerdeg brengen mat manner wei 90 Dezibel ze schwetzen, a waeren außerdeem meeschtens deck, schlecht gekleed, ongebild an virzuchsweis bei McDonalds ze fannen; e virschnellt Urteel iwwert de Bildungsstandard vun

eise waerten Här Homelhoff

den Heidelberger Amerikaner wellen a kenne mer eis neemlech net erlaaben, well mer empfindlech Oueren hun souwei eis virun Adipositas ekelen an eis doweinst eischter seelen am McDonalds ophaalen; doweinst wessen mer et emsou mei ze appreciieieren, wann eis d Amien zu Rohrbach an Emgeigend frendlech an aus secherer Distanz mat engem Maschinnegewier an der Hand ulaachen

B wei Burschenschaft: Nodeems den Hommi e puer Studenten, dei aus Protest geint d Afeierung vu Studiengebühren sai Büro gestiermt hun, öffentlech mat engem SS-Kommando verglach huet, huet hien och fir d Charakteriseierung vun den „Burschien" en treffenden Vergleich parat: „d´Burschien erenneren mech e bessen un d Hippien vun der 68er Generatioun: allebeid sangen sie gaeren, d Hippien am leifsten Woodstock-Lidder, d Burschien dogeint virun allem onschelleg Heemechtslidder (och wann si dobai net ronderem e Lagerfeier, mee ronderem en zolitten Eechenholzdesch vun daitscher Wertarbecht versammelt sin); an des weideren propageieren d Burschien genau wei d Hippien deelweis en Zreckkommen zur Natiirlechkeet, zu den ursprüngleche Liewensbedingungen (Virherrschaft vun der arescher „Herrenrasse", en Daitschland an de Grenzen vun 1916)." Wann daat sou as, musse mer eis jo wuel richteg glecklech schätzen, souvill Burschenschaften hei zu Heidelberg ze hun.

definitiv eis absolut Lieblings-Kommilitonen: d Burschien

C wei Cave: freier e berühmten Jazz-Keller wou souguer den Louis Armstrong opgetrueden as, haut en eischter erofgekommend Lach mat deelweis luscher Clientele an engem alen granzegen Sack als Türsteher, deem seng Laun anscheinend u sain Hämorriden-Leiden gekoppelt as; zudem gett gemunkelt, dat drai letzebuergesch Meedercher am Cave praktesch schon zum Inventar dozougeheieren

D wei Demokratie: en absoluten an domat onhannerfrobaren Grondwaert net nemmen vun eiser westlecher Zivilisatioun, mee natierlech och vum LSH, besonnesch wann een sech dei exakt Iwwersetzung vun desem griecheschen Terminus, neemlech „Herrschaft des Pöbels", virun Aen feiert

E wei Emma 24h Service: d Nummer „für alle Fälle"; besonnesch bei de männleche Studenten as d Emma äußerst beleift a vill gefrot, well hat emmer zur Stell as, wann zu speider Stonn emol Nout um Mann as; einfach den 06221657299 wielen an Ofhellef verschaafen loossen

F wei Fachschaftskonferenz: souzesoen d KP vun der Uni Heidelberg, dei sech fir d Interessen vun den ausgebeuteten Studentenarbechter ennert dem Joch vun der Rektoratsklass an der professuralistescher Universiteits-Maschinerie asetzt; d FSK stellt awer asoufern een Unikat duer, dat et dei eenzeg kommunistesch ugehaucht Organisatioun as dei mangels Alternativen mat schier

astronomeschen Prozentzuelen gewielt get an trotzdeem naicht ze soen huet

GEZ: bei der beiser GEZ (GebührenverweigererErschießungs Zentralorgan) handelt et sech em eng geheimdengschtähnlech Organisatioun, dei op der Juegd no onschellegen Resistenzler-Studenten as dei hiir Rundfunkgebühren net bezuelen. Dir haat d Éier nach net, hier Bekanntschaft ze maachen? Keng Angscht, enges Daags schellt et och un aerer Diir. Wameiglech guer net reischt opmaan, oder wann dach matt alle Mettelen d Betrieden vun ärer Wunneng verhenneren, soss sidd der geliwwert. Schon GEZuckt?

H wei Halle 02: eng vun de weinegen greisseren Locations hei zu Heidelberg, leider e bessen ongenschteg an der Geigend vum Güterbahnhof geleen; totzdeem heiansdo eng angenehm Ofwiesslung, soulaang een sech net duerch en heissen Flirt oflenken leisst a dobai seng Posch geklaut kritt oder sech de falschen Chauffeur fir heemzefueren erausgesicht huet

I wei Iwwerwaachungsstaadt: „En Iwwerwaachungsstaat, ok, mee eng Iwwerwaachungsstaadt? Waat soll daat da nemme sin?" Ma z.B. Heidelberg, well hei as d Police tatsächlech praktesch omnipräsent. Do kann et dann mol virkommen, dat een an der Hauptstraße op Drogen gefilzt get wann een e besse mei lusch ugedoen as, sou dat gewesse Leit a Bezuch op d Flicken schon eng regelrecht Paranoia entweckelt hun (gell Bolli ;-)). A wann een mat engem Auto mat enger letzebuerger Plaque nuets duerch Heidelberg fiirt, da kann een eigentlech schon aus Prinzip riets erufueren, wann een e Policeauto am Reckspiggel gesait. Sou soll dann schon deen een oder aneren LSHler sai Führerschain zu Letzebuerg als verluer deklareiert hun, well en him zu HD aus onerfindlechen Grenn abhanden komm as.

J wei Japaner: eng eischter klengwüchseg Spezies, dei gaeren a Rudelen optrett a bevirzucht an der Emgeigend vum Schlass an der Aaler Breck unzetreffen as; onverkennbar un hirer modescher Kappbedeckung an hirem Markenzeechen schlechthin: de Fotoapparat; tatsächlech soll et

et sech bei de Japaner em dei eischt net-pflanzlech Gattung handelen, dei op d Photosynthese als Iwwerliewensstrategie emgestallt huet; doweinst sin d Japaner zu Heidelberg (daitsch Staadt mat de mannsten Sonnenstonnen am Joer) och baal vum Austierwen bedroht

K wei Karteikaarten: eisen daitschen Kommilitonen hiren treisten Begleeder, hir Lieblingsspillsaach an Allzweckwaff an enger Funktioun; ouni sie gengen vill Daitscher am Uni-Dschungel kaum een Daag iwwerliewen.

L wei LSH: Verain vun typeschen (= borneierten, net integratiounsfähegen, a verwinnten) Letzebuerger, dei naicht besseres ze din hun, wei dei ganzen Zait openeen ze kludderen a sech zesummen ze besaufen

M wei Mandy´s Diner: dir sidd et net anecht gewinnt, wei dat een nodeems een sech en Burger gegönnt huet emmer nach hongereg as? da ward der nach net beim Mandy´s Diner; wann LSH-Partyen am aalen Waassertuerm sin, verschleit et emmer eng selleg Leit dohinner, waerend et souguer passeieren soll, dat verschidde Leit mattsen am Restaurant weinst Iwwersättegung aschloofen (ob et sech dobai lo em eng Burger- oder Alkoholiwwersättegung handelt, doriwwer kann nemme spekueiert gin)

N wei Neckarwiss: souzesoen eis Heidelberger Côte d Azur, just d Cola as hei nach e besse mei genschteg an d Faarw vun eisem Neckar wier wuel mei korrekt mat ocker- bis metallic-brong ze bezeechnen

O wei Osama: den Osama as onbemierkt hei zu Heidelberg ennergetaucht, feiert awer keen Terror-Camp, mee am Geigendeel en Trainingscamp an der Vernichtung vun heichprozentegem Flessegsprengstoff, daat ganzt ennert dem Decknumm „Orange"; eisen Osama as jo schließlech och kee Saudi, mee aus dem massevernichtungswaffefraien Irak

och iwwert seng Präsenz zu Heidelberg genge mer eis duerchaus freen

P wei Perkeo: dei bescht Zaitung iwwerhaapt (wien anerer Meenung as kann sech op der leschter Sait ennert „Perkeo Info" iwwer Meiglechkeeten zur vun eis heichgeschaater freier an demokratescher Meenungsäußerung informeieren an sech schons präventiv mol mat

der Temperatur vum Neckarwaasser ufrenden)

Q wei Querulantentum: dir wesst vlait net, waat lo genau e Querulant as? Dir kennt also kee Lien zweschen desem signifiant a senger Intensioun etableieren? Daat as net weider schlemm, maacht et einfach wei eis daitsch Kommilitonen: verhaalt ierch einfach mol d Wuert, och wann der net genau verstitt waat et bedait; an wann den Dozent dei nächste keier am Seminar freet, wourem et sech bei eppes Bestemmtes handelt, dann geheit einfach emol an engem decideierten Toun d Wuert „Querulantentum" an de Raum; daat klengt op jiddefall gudd an as mat e besse Chance vlait och nach richteg.

R wei Ruperto-Carola: bei hier handelt et sech em eng Massenuni, dei sech selwer mat grousser Selbstverständlechkeet zu den (daitschen) Eliteunien zielt, an deenen meeschten Fächer awer eischter vun hierer aalehrwürdeger Reputatioun liewt wei datt se och aktuell beispillhaft Studienbedingungen virzeweisen hätt; nodeems d Ruperto-Carola am eischten Tour zur grousser Bestierzung vun eisem Hommi an dem reschtlechen Rektorat gescheetert war (et get gemunkelt, daat wier den Ufank vum Hommi sengem Enn gewierscht), huet sie dann lo awer zumindest am zweeten Ulaaf mat der Physik den Sprong an d Exzellenzinitiativ geschafft

S wei Studentekuss: wat wier Heidelberg ouni sain Studentekuss? Bei deser Variant knabbert d Meedchen mat de Schneidezenn ganz zärtlech um Typ senger Nuesspetzt, waerend den Typ dem Meedchen geint den Uhrzeigersenn an engen 8-Sekonnen-Intervall mat der Zong iwwert de Kenn fiirt; einfach ausprobeieren!

T wei Triplexmensa: e Geheimtipp fir all kulinareschen Feinschmecker ennert de Studenten, an dobai wiirklech äußerst praiswert; zur Kreinung kritt een dann de Gulasch(?) an de Püree mat ganz vill Leift direkt op den Plateau geflappt (Telleren get et hei net, wou fennt een soss nach sou eng onvergleichlech Symbios vun Savoir-Vivre an heich-entweckeltem Emweltbewosstsinn!)

U wei „Untere": d Cafésstroos par excellence vun Heidelberg, mat der berühmt-berüchtechter Sonderbar, dei wierklech e besse sonderbar as, engem Absinthgeschäft an enger sellegen aneren Caféen, enner anerem och dem Reichsapfel/Lager, an deem all Densden de Letzebuerger Stammdesch stattfennt

V wei „Vater Rhein“: Den Ulaafshafen fir all d Nightlifescheffer, dei an de fréie Moiesstonnen nach vum Honger heemgesicht gin an sech duerfir nach en Teller Spaghetti fir 3€ gönnen wellen. Außerdeem soll am Vater Rhein och schon deen een oder aneren letzebuerger Philosophiestudent vu senger hermaphroditer Dozentin regelrecht ennert den Desch gesoff si gin, woduerch en dozou verleet gouf, hier um Reckwee op Dossenheim zweedaiteg Angeboter ze ennerbreeden.

W wei Weihnachtsmarkt: as op Dauer just mat engem heigen Glühwain-Pegel ze erdroen; duerfir as bei Germanistikstudenten den Veier-Statiounen-Glühwaintaassen-Staffellaaf Bismarckplatz-Psycho-Uniplatz-Karlsplatz och ganz beleift; a mat e bessen Chance leeft ierch och nach iergendwou aer Boomchen iwwert de Wee

den Heidelberger Weihnachtsmarkt: dess Foto gouf, dem Undrang no ze schätzen, wahrscheinlech un 6 auer Moies geholl

X wei Xenophobie: sie as ennert Letzebuerger duerchaus verbreed, a wuel den eenzegen Grond, aus deem iwwerhaapt iergendeen op sou eppes wei d „Uni“ Letzebuerg geet; dobai as och den LSH duerchaus en Symptom vun deser Angschtneurose, as awer hoffentlech glaichzaiteg d Sprongbried zu enger erfollegraicher Konfrontatiounstherapie; dofir huet den LSH decideiert, eng Selbsthilfegruppe ennert dem Numm „Xena Anonymous“ ze grennen, dei sech all Donneschden um 15h07 am Heidelberger Zoo beim Aafekäfeg trefft.

Y wei Yufka: beim Yufka bei der Marktplaaz kritt een dei bescht Kebapen vun Heidelberg, a wuel net net nemmen vun Heidelberg; daat as dann lo schon dei drett Perkeos-Ausgaab, an daer mir hien empfehlen (waat soll een och soss enner Y villes schreiwen), sou dat en eis eigentlech geschwenn mol eng keier sponsoren keint (oder zumindest e Gratis-Kebap eraussprange sollt)

Z wei Zopp: vum Winti an d Liewen geruffen daitsch-letzebuergesch Kulturaustausch-plattform an der Villa Nachttanz zu HD-Wieblingen, engem Paradies fir Retro-Hippien an Oben-Ohne-Feierspaizer; hiire Numm huet sie vum Winti senger legendärer Zopp, dei waerend de Veranstaltungen ugebueden gett, an daer hier zumindest dubious Ingredenzien dem Winti sai beschtgehiddstent Geheimnis bleiwen.

DH aka Kafka

Femmverbot

Seit dem 1. August dierf jo an Baden-Württemberg generell net mei gefemmt gin, weder a Restauranten nach a Caféen oder Discoen. De Perkeo huet d Stemmen vu verschidden LSHler zu desem brisanten Sujet gesammelt:

Bolli: „Waat soll ech nemmen ouni meng Zigsen maan? Do schmaacht de Béier jo guer net mei! Daat as eng Katastrophose!"

Shari: „Am Ufank hun ech daat eng gudd Iddi fonnt, well ouni dee ganzen Zigarettendamp kennt den delikaten Goût vu mengem Orangejus vill besser zur Geltung. Mee lo laafen d Leit emmer alleguerten eraus fir ze femmen, an da setzen ech ganz alleng dobannen (sniff, sniff). Doweinst muss ech also mat eraus, an do as dann net nemmen Zigarettendamp, mee do as et zousätzlech nach kaal.
An außerdeem stenkt et an den Discoen lo well emmer terribel no Schwees – einfach dégueulasse! "

Tom K.: „Mir dach egal, ech hun Honger … mengs de de Kebap hätt nach op?"

Jil: „Daat as eng Sauerei, lo gin ech hei geint main Wellen gezwongen, (nach) mei Alkohol ze drenken! Hun jo lo am Café soss naicht anescht mei ze din."

Francois: „Ech fannen daat eng gudd Saach, ech femmen jo net mei. Leider sin ech am Moment awer zu Lausanne...dann hun ech jo guer naicht dovun!"

Capo: „Ech verkloen d Land Baden-Württemberg weinst massiver Image-Schiedegung. Wei soll ech lo w.e.g. nach ganz lässeg een op Don Corleone maachen?"

Kafka: (reageiert am Ufank net, muss ugestouss gin) „Wei? Femmverbot? As mir nach net opgefall…"

Femmerten um Bueden zersteiert

Tosca: „Ech hu kee Probleem domat, ech femmen meng Zigarette dann einfach virum Café faerdeg… zumindest soulaang ech duerno nach an de Cave erageloos gin…"

DH aka K.

Letzebuerger Simpsons zu Heidelberg



Wien kennt se net, dei 5 giel Helden mat 4 Fangeren op all Hand aus Springfield, dei säit 1987 iwert d'Bildschirmer weltwäit huschen. Mat iwer 400 Folgen aus 18 Staffelen (dei 19 Staffel leeft grad an den USA) an engem Film hu si schon säit iwer 20 Joer enormen Succes. Emgerechnet 5 Deeg hannert eneen non-stop misst een Simpsons kucken fir all Folgen um Steck ze kucken.

Wann een sech lo dei eenzel Charakteren genau ukuckt keint een bal mengen, dass den Erfinder vun de Simpsons, de Matt Groening, sech bei de Letzebuerger Studenten zu Heidelberg inspireiert hätt. Et gin esouvill Parallelen zweschen eenzelnen Letzebuerger Studenten an Simpsons Personnagen, dass een schon bal unhuelen keint, dass hien seng Zeschentrickfiguren einfach nemmen ofgemolt hätt. E puer Beispiller sollen des These ennermaueren.
Virdrun sief och nach erwähnt, dass weinst där strenger Zensur ennert där dest Blat steet, et net meiglech ass d'Nimm vun verschiddenen Leit ganz auszeschreiwen.

1) Bei eisem eischten Beispill handelt et sech also demno em den Ivan R., oder besser den I. Ridolfi. Bei him kann een kloer



erkennen, dass den Matt Groening sech bei der Wiel vum Homer senger Haartracht ganz daitlech bei him inspireiert huet. Ofgesin dovun, dass den Homer e bessen mei deck as an dass hien net souvill Hoer um Reck huet wei den I. Ridolfi, gesin dei zwee sech zum verwiesselen ähnlech.

Desweideren kann een awer net behaapten, dass den I. Ridolfi och sou tolpatschesch ass wei den Homer. Wann et em d'Behuelen geet mengt een eischter, den Ivan R. wär den Fat Tony, den Mafioboss aus Springfield. Genau wei dei kleng Stiedtchen Springfield fest an der Hand vum Fat Tony as, as Heidelberg fest an der Hand vum Don Ridolfi.

2) E weideren Kandidat, deen sech keint Gedanken machen, ob en den Matt Groening net weinst Plagiat verkloen kann, as de Gilles Retter (fir all dei net wessen wien dat ass, hien ass deen ellenen vun deenen zwee fir op der Titelsäit). Seng Ähnlechkeet mam Barney Gumble ass sou frappant, dass een bal mengen keint se wären eeneeeg Zwillingen.

3) Mee net nemmen de Gilles, mee och dem Tom, och nach Strebesch-Retti genannt, as als Virlach fir een vum Matt Groening sengen Personnagen benotzt gin. De Martin Prince, gudde Klassekamerod vum Bart Simpson an Einserschüler, as eng belleg Kopie vun eisem Streber an Einserschüler Tom Retter.

4) Den nächsten Personnage as eigentlech kee richtegen LSHler, mee nemmen en ausgeleintenen. Bei eisem Austauschschüler aus London, deen eis e ganzt Joer mat senger Präsenz zu Heidelberg begleckt huet an leider rem zreck op d'Insel as, gett een d'Gefill irgendwei net lass, dass hien irgendeppes mam Smithers, dem Mr. Burns säin emsegen Assistent, gemeinsam huet. Et weess een net genau wat et ass: Sin et d'Poppen, dei hien an senger Fräizäit sammelt, oder as et de Fait, dass hien et nach net iwwer d'Härz bruecht huet sech ze outen?

5) Zu gudder Lescht kennt an der Serie vun den Letzebuerger Simpsons zu Heidelberg eng Heidelberger Ikon viir, dei bal jiddferengem e Begreff misst sin. Den Tom Flemming aka Mr. Burns as schon sou aal, dass Experten sech em de genauen Alter vun him streiden. Genau wei den Alter vum Mr. Burns e grousst Geheimnis as, kennen och mir iwwer den Alter vum Här Fleming just spekuleieren.

All dess Beispiller hun hoffentlech verdäitlecht, dass de Matt Groening sech heemlech bei den Letzebuerger Studenten zu Heidelberg inspireiert huet. Et sief awer och nach erwähnt, dass mir net all Beispill an desem Artikel konnten opleschten a mir hoffen, dass dei Leit, dei Haut net drukomm sin, net zevill enttäuscht sin. Si kennen sech awer mam Gedanken treischten, dass desen Artikel an der nächster Ausgab vum Perkeo wuel fortgesat dierft gin.

Benjamin Bollendorff aka Bolli

LSH-Favourites vum Semester

Zitat vum Semester:

„Oh meine Brüder, es ist viel Weisheit darin, dass viel Koth in der Welt ist!"

Friedrich Nietzsche (1844-1900), aus: „Also sprach Zarathustra"
(An da soll nach een behaapten, Philo wier lanweileg)

Sportler vum Semester:

Am knappsten Votum aus der LSH-Geschicht konnt sech de Ben Petry (1984-2043[2])geint den Top-Volleyballer Pit Bingen durchsetzen: an beachtlechen 4h14:47 huet eise Metzlerbouf Benno den ING-Marathon absolveiert, waerend dei aner LSHler sech allerhechstens un de Semi-Marathon erugewot hun.

eisen Sportler vum Semester

[2] Schätzwaert, deen aus der duerchschnettlecher Liewenserwaardung vun de Galapagos-Schildkröten, individuellen gesondheetsrelevanten Facteuren wei der Heefegkeet vum Zeiweneelschneiden, souwei der beschäftegungsspezifescher Wahrscheinlechkeet, engem politschen oder terroristeschen Attentat zum Opfer ze faalen, ermettelt gouf

Bei leschterem as dann de Gilles Retter entgeint alle Pronostiken an trotz engem intensiven Formofbau-Sauf-Trainingslager sain jengere Brudder Tom a Grond a Buedem gelaaf. Dem jonke Retti seng durchscheineg Excuse fir des Nidderlaach welle mer hei leiwer ner erwähnen. Trotzdeem soll dem Tom seng letztlech dach beandrockend Performance hei a kengster Weis geschmälert gin, well u senger Leeschtung war tatsächlech villes marathonwürdeg, besonnech seng Semi-Marathonszait (2h41:42).

Den Tom huet d Défaite geint sai Brudder op de Mo geschloen

Erasmusstudent vum Semester:

Och an deser Kategorie huet sech de Pit missen mat der zweeter Plaaz begnügen an den Titel sengem franko-schwaizer Frennd Arnaud iwwerloossen (net ze verwiesselen mam letz. Arnaud, deen neierdengs hei zu HD studeiert). No der Auszielungen vun de Stemmen vun den männlechen LSHler huet et nach no engem Kapp-u-Kapp-Rennen ausgesin, mee schlussendlech as d Resultat dann dach nach extrem daitlech ausgefall. Sou kann sech also deen op den eischte Bleck eischter scheien an wuertkargen Arnaud, deen beim bessere Kenneleieren trotzdeem iwwert eng bemierkenswaert Zongefertegkeet verfügen soll, iwwer d Auszeechnung als Erasmus-Student vum Semester freen.

DH aka Kafka

Wessen: Kriibsfuerschung

Eng vum LSH finanzeiert wessenschaftlech Studie op de Gebidder vun der Gen-Forschung an der Onkologie as zu e puer mei wei interessanten Resultater komm:

Duerch eng vollstänneg partiell Entschlesselung vum DNA-Strang 7 hun eis Forscher erausfonnt, dat Fraen eng genetesch Prädispositioun vun 1:1 opweisen, am Laaf vun hirem Liewen u Broschtkriibs ze erkranken.



Bei de Männer dogeint tendeiert dess genetesch Veranlaagung erstaunlecherweis geint null, waerend bei hinnen an honert Prozent vun den ennersichten Fäll eng genetesch Prädispositioun fir Prostatakriibs festgestallt konnt gin (dei hirersaits bei den Fraen praktesch geint null tendeiert).

Aentwerten op d Fro, wei et zu deser geschlechtsspezifescher Diskrepanz kommen kann, souwei op d Fro, firwat dess genetesch Prädispositiounen just an engem relativ gerengen Prozentsaatz vun de Fäll tatsächlech zu enger speiderer Erkrankung feieren, erhofft sech d Forscherteam duerch eng mei präzis Analys vun den DNA-Sequenzen 19-27 vum besoten DNA-Strang 7.

Zu desem Zweck as den LSH engem Untraag vum Forscherteam nokomm an huet eng Somme vun weideren 35 Mio. Euro fir dese bahnbriechenden Forschungsprojet bewellegt.

DH aka Kafka

Gos-sick:

hippo@shari:
„Wouhinner, vir oder hannen?"
shari@hippo:
„Leiwer hannen wei vir"

shari: „D Zigarett as ouni Zweifel dei dommst an gefeierlechst Erfindung, dei d Menschheet jemols gemaach huet – außer vlait nach d Atombomm"
jess@sik:
„Ech haassen Feiss, egal op Männer- oder Fraenfeiss, Feiss sin einfach nemmen ekleg."
sik@jess:
„Also ech fannen, meng Feiss sin ganz neutral"
kafka@sik:
„Jo, d Schwaiz as och neutral."

"Hellef: Waat as nemmen mat menge Feiss lass?"

sik@sauren heng & co.:

„Ech hoffen dir hudd ierch gudd erholl an är Gedankengäng sin erem einegermossen kloer. Wat ech wollt vun deene Concerneierten wessen: gett et iergend eng rational Erklärung dofir dass dir nom Baal wollt eise Vodka matgoen lossen? Iwwermudd, kriminellt Bludd, oder einfach nemmen keng Maneieren? Vum Rescht Gedrenks net ze schwetzen, dat jo och ganz dubioserweis verschwonn ass. Sorry Jongen mee esou einfach ass dat net ... ech hoffen dir kennt ierch erklären!? Scheine Metteg nach, Tom (deen, deen de Vodka bezuelt huet)."

Fotosstrecken: Aktiviteiten SS2007

1) Bienvenue

Lauter haart Männer, schonn baal fir Angscht ze kreien; v.l.n.r. Kafka, Sik, Steve

den Luc as emmer dobai, falls et eppes ze feieren gett

d Aleks an d Sophie schengen e Grinswettbewerb ze veranstalten

Mir hun dech dach och gaer, Tosca; d Jessica jiddefalls schengt d Emaarmung ze geneissen

iwwerhaapt schengt dommt Grinsen deen Owend am Trend geleen ze hun; souguer de Steve huet sech no ufänklechem Widerstand erweechen gelooss

Waat eist Clidt do wuel sou iwweraus Entzeckendes erbleckt huet?

Och wann dei zwee wei Bridder ausgesin, as hei nemmen een Retti mat am Spill; de Bolli (riets) huet dann och geringfügeg mei Hoer wei eisen Tom, deen net op deser Foto as; de Gilles an de Bolli waeren wuel ouni Zweifel dei absolut Draam-WG

hei loose mer d Bild mol einfach fir sech schwetzen…

Op waat fir enger euphoriseierender Droog d Elisa wuel deen Owend war? Vlait haat et sech jo eng aus Harry-Potter-Bliedecher gedreit…

Wann de Pit bis ufenkt seng Heften ze schwengen, dann gesait jiddwereen nierft hin blatzeg aus…

2) Daag am Mee 2007 zu Freiburg

d Jil war wuel vun der Zuchrees elle genervt

den treien LSH-Supporterverain, deen de beschweierleche Wee op Freiburg op sech geholl huet an sech och vum spartaneschen Zoustand vun den Tribünen net ofschrecken geloos huet: v.l.n.r. Tosca, Clidt, Jil

d Shari poseiert zur Nout och mol op engem Futtballsterrain

Verwirrung bei eiser Volleyballs-Mannschaft: daat mat der Feinofstemmung wollt net emmer sou richteg klappen

de Jhemp schengt mat sengem Latein um Enn ze sin

eisen Top-Volleyballer Pit Bingen: ouni hien hätte mer wahrscheinlech kee Land geint eis Geigener gesin

beim Futtball as et wei gewinnt haart zur Saach gaang: den David Haeck (lenks) an de Laurent a voller Aktioun

de Yann huet vun Zait zu Zait op seng quasi ugebueren Kung-Fu-Fähegkeeten zreckgegraff

de Bolli war wei üblech d Reckgraat an den Goalgarant vun eiser Heidelberger Futtballsequipe

de Kafka muss sech mat alle Mettelen geint d Papparazien oofschiirmen, dei eis Heidelberger Star-Equipe och waerend dem Owesiessen verfollegt hun

de Laurent an den David dogeint sin am Emgang mat den Fotografen vill mei souverän

Notiz Daag am Mee 2008

Mat enger spontaner an taktescher Meschterleeschtung vu scho bal konspirativen Ausmoosseen huet eise Sportminister („Ech sin halt e ganz intuitiven Kaerel“) et faerdeg bruecht, dat Heidelberg den Zouschlaag bei der Vergaab vum Daag am Mee 2008 krut, deen normalerweis emmer dem virjähregen Gewenner zousteet.

Onsecherheet besteet nach a Bezuch op d Sportstätten, op dei kann zreckgegraff gin. Sou as et op Gronn vun Verzögerungen bei den Bauarbechten net auszeschleissen, dat den geplangten Hopp-Stadion net rechtzaiteg fir dest heichbedaitend Event kann faerdeg gestallt gin.
Bei der Sicht no eventuellen Alternativen as den LSH a Form vun der Neckarwiss fündeg gin, dei außerdeem den Atout besetzt, och iwwert eng (zougegiewenermoossen lamentabel) Beachvolleyballsanlaag ze verfügen. En Nodeel wier allerdengs dei daitlech mei gereng Zuschauerkapaziteit, well d Naturtribünen vu der Neckarwiss an deem Punkt mam Hopp-Stadion (25.000 Plaazen) einfach net mathalen kennen.

Dem ugesprachenen miserablen Zoustand vun der Beachvolleyballsanlaag op der Neckarwiss keint allerdengs durch een an Aussicht gestallten Renoveierungszouschoss vun der SANSSEL entgeintgewierkt gin („mir hun op eisem Bal 5000 Euro Verloscht gemaach, op dei 20.000 Euro kennt et lo och net mei un“)

„Hun ech daat net gudd gemaach?“

DH aka Kafka

3) Pétanque

Zum Pétanque-Owend am Zollhofgarten hu mir leider keng Fotoen, well den engageierten Fotograf vum Paul K. mat enger eleganter eischter Bull ausgeknockt gouf.

4) Hellenbachhütte

vun allem eppes: d Sté kukkt iwwerglecklech, d Jil schengt d Flemm ze hun, an d Tosca ganz neutral

de Georges an baskescher Tenue souwei den Tom van G. mat moudeschen Koteletten ennerhaalen sech mat zwou daitschen Kommilitoninen

eis veier Iserps-Jofferen sin mettlerweil net mei zu Heidelberg

de Yann haat de ganzen Owend mat senger Appetitlosegkeet ze kämpfen

waat eis daitsch Kommilitonin dem Fotograf mat desem Bleck wuel soen wollt? D Erna an de Steve sin ganz an hier Ennerhalung verdeift

em eise Clibbschen as et finanziell jo leider net mei sou gudd bestallt; nodeems e puer Joer iwwert d Verhältnisser geliewt gouf, huet eis nei Finanzministerin dringend missten Spuermoosnahmen aleeden; dobai get am LSH op dei modernsten ökonomesch Mettel zreckgegraff

d Lisi gesait zur Ofwiesselung op der Foto nees emol sou aus, wei wann et grad en Trip geschmass hätt; souguer d Jil huet Matleed

5) SANSSELsbal

Beis Zongen behaapten...

…eisen Präsi, en italieneschen Macho wei aus dem Billerbuch („ech geif niemols fir eng Frendin all Weekend op Letzebuerg fueren", Zitat Abrell 2006), wier demnächst rem öfters zu Heidelberg ze gesin…

…eise Präsi geng no senger geplangter Amtsnidderleeung am Januar fir den nach ze schaafenden Posten vum LSH-Ministerpräsident kandideieren…

…eise Präsi hätt mettlerweil eng perseinlech Sekretärin…

…am LSH-Sekretärsjob geng mettlerweil Spuenesch verlaangt gin…

…deen een oder aneren Comitésmember geng net wessen, waat Fellatio as…

…totzdeem geif am Moment keen Nohellefstonnnen am Franseichen kreien…

…eng Heidelberger Joffer geng sech emmer aus Niechsteleift bei hiere Matmenschen informeieren, ob sie dann och op en Duebelbett zreckgraifen kennen…

…dess Persoun geif sain eegent Duebelbett am Noutfall och gaeren zur Verfügung stellen…

…verschiddenen Comitésmemberen geng des öfteren e Weldschwain virun den Auto laafen…

…verschidden LSHler gengen nach an Steinzeithöhlen hausen…

…an der Minettegeigend leichten Policeuniformen derzait nees voll am Trend…

DH aka Kafka

Perkeo-Konschteck: Salvador Dalí

Den Don Salvador Dalí y Cusi, en Notaire vun Cadaquès, an seng Fra, d'Felipa Domenech vun Barcelona, brengen 1901 en Jong op d'Welt : den Salvador, deen 2 Joer mei speit un enger Méningite stierft. An der Phase vun hirer deiwer Trauer, een Joer no dem Kand sengem Doud, erbleckt den 11. Mee 1904 dann deen „aaneren" Salvador d'Liicht vun der Welt zu Figueras.

Während senger ganzer Kandheet gett versicht aus him eng Art Ersatz fir sain verstuewenen Brudder ze machen, waat dozou feiert, dat den Dalí ganz seier den Drang verspiert, sech vun deenen aaneren ze distingueieren.

Den Dalí war bis 1926 Student un der Konschtakademie vun Madrid, vun deer en verwissen gouf. Zu deenen Leit dei sain Liewen an sain Wierk beanflosst hunn zielen ennert aanerem den Luis Buñuel, en spueneschen Realisateur, den Federico García Lorca, den Sigmund Freud awer firun allem d'Jelena Dmitrijewna Djakonowa, besser bekannt ennert dem Numm Gala.

D'Gala war mam Paul Eluard, en franseichen Dichter bestued, deen et speider fir den Dalí verlooß huet. Et war net nemmen dem Dalí seng Muse souwei en Leitmotiv an sengen Wierker, mee och d'Geschäftsfra dei heen zu engem vun den bedeitensten Männer vun senger Zeit gemach huet.

No verschiddenen Stilexperimenter am Bereich Kubismus an Realsimus huet den Dalí sech zu engem vun den Haaptvertrieder vum Surrealismus erhuewen. Ziel vun deser Streimung dei nom 2. Weltkrich entstaanen ass wuar et, daat Onbewosst an Irrationellt ze thematiseieren. Inspireiert huet den Kenschtler sech deelweis bei klassechen Artisten wei dem Raphael, Vélasques oder Ingres. Dei zentralst Themen vu sengen Wierker sinn d'Welt vum Draam, vum Rausch an vun der Relioun.

Den Salvador Dalí war nierft der Moolerei och nach an deenen verschiddensten Bereicher aktiv, wei beispillsweis an der Erschaafung vun Filmdeko, Reklammen, Parfumsfläschen an Schmuckdesign.

Fir all Dalí-Liebhaber lount et sech en Openthalt un der Costa Brava mat enger Entdeckungsrees op dem Kenschtler sengen Spueren ze kombineieren. Besichen kann een dem Dalí sain Haus zu Port Lligat bei Cadaquès, sain Schlass zu Púbol mee virun allem den Teatro-Museo zu Figueras, wou zwar keng vun sengen berühmtesten Wierker ze bestaunen sinn, mee dofir awer en Gebai daat ganz vun him angeriicht gouf an en Konschtwierk fir sech ass.

Anne Tisleric

Perkeo-Kinoseck: Portrait vum Sergio Leone

Den Sergio Leone gouf den 3. Januar 1929 zu Roum gebuer. Well seng Elteren allebeid am Filmgeschäft aktiv waren; den Papp war e Filpioneier a seng Mamm eng Schauspillerin, koum de klengen Sergio scho frei mam Filmgeschäft a Kontakt.

De Sergio Leone

An de 50er Joeren huet hien sech sein Geld als Regisseur vum zweeten Kammerateam vun amerikanischen Sandalenfilmer, die deemols greisstendeels an Italien gedreint goufen, verdingt. Seng eischt richteg Regierarbescht huet hien 1959 an ***Gli ultimi giorni di Pompei*** vollbruecht an 1960 mat ***Il Colosso di Rodi***.
Well an de 60er Joeren de Publikumsinteressen no historeschen Epen lues a lues verschwonnen ass, huet hien seng Interessen an eng aner Richtung gelenkt, nämlech an dei vum Western. Obwuel hien net den Erfinder vum Italo-Western ass, huet hien desen Genre dach entschedend matgeprägt. D'Dollar –Trilogie (***Per un pugno di dollari*** 1964/ ***Per qualche dollaro in piu*** 1965/ ***Il buono, il brutto, il cattivo*** 1966) ass zudem e krassen Geigensatz zum amerikanischen Western. Mat Hellef vun Groussopnahmen, wat dem Leone seng Spezialiteit war, weist hien dei haart a markeiert Gesichter vun sengen Protagonisten. Die revolutionär Kammerafeierung an dem Ennio Morricone seng Filmmusek hun och dozu beigedroen, dat dess Filmer e groussen Erfolleg an de Kinosäll waren. Me och den Clint Eastwood, deen an desen drei Filmer Haptroll besetzt, ass doweinst zum internationalen Filmstar avanceiert.

Per un pugno di dollari

1967 ass de Leone an d'USA gewandert fir sein bekanntesten Film ze realiseiern. Gescheicht vun ***C'era una volta il West*** / ***Once Upon A Time In The West*** dreint sech em veier Personnagen, die alleguer nach eng Rechnung mat dem aneren opstoen hun. Dess keier gouf allerdings mat

bekannten amerikaneschen Schauspiller gedreint, wei dem Henry Fonda, Charles Bronson oder Claudia Cardinale. De Fonda hat sech zwar am Ufang geweigert de beisen Cowboy ze spillen, well seng Karriere eischer vun positiven Rollen markeiert war. Dann war hien awer sou vum Script begestert dat en awer Roll vum kaalbliddegen Killer Frank ugeholl huet. Op eng operhaft Maneier weist den Leone dem Zuschauer Legenden aus dem Wilden Westen an dei vum American Dream. D'Geschicht gouf vum Leone gemeinsam mam Dario Argento an dem Bernardo Bertolucci entweckelt. Dem Morricone sein „Lied des Todes" zielt zu den bekanntesten Filmkompositiounen dei et iwwerhaapt gin.

Once upon a time in the West

Nodems ***Giù la testa*** 1971 ferdeggestallt war, konzentreiert sech den Leone op sein greissten Projet: ***Once Upon a Time in America*** (1984). D'Idee vun deser Geschicht an där eng kriminell Jugendband zu New York 1922/23 durch Erpressung a Schwarzhandel vun Alkohol schnell u Geld kennt, hat den Leone schon 1972. Handlung baseiert op engem autobiografeschem Roman „The Hoods" vun Harry Grey. Haptrollen spillen den Robert De Niro, James Woods, Jennifer Connelly (1. Roll) an Joe Pesci. Och des keier gouf d'Filmmusek nees vum Morricone gemach.
Bekannt als den Leone awer och, well hien Kommedien, wei ***Il mio nome è Nessuno*** 1973 mam Terence Hill produzeirt huet.
Den Sergio Leone ass 1989, während der Entwecklung vun engem Film iwwert Belagerung vun Leningrad am 2. Weltkrich gesturwen.

Ivan Ridolfi aka Capo

Kafkas Literaturecke:

Alastair Spinner - The Touchstone

„Oh yeah! This is real hot shit. I haven´t even bothered, you know – or don´t you know? –, about the repercussions of postmortal katharsis on the cyclic structure of life. But when blizzards unfold and the sun goes down weepingly, even peacocks might have their day. So, my sister, let us submit to Pygmalion first and then silence up for eternity!
For thus is our mission, for thus is – our road."

Den Alastair Spinner

Dem Spinner sai fesselnden Roman „The Touchstone" zeechent sech aus duerch eng iwweraus raffineiert teleologesch Konstruktioun, dei an engem dialekteschen an sech emmer weider potenzeierendem selbstreferentiellen Beweegungsoflaaf spiralesch an dach onophaltsam op hiire erleisenden Klimax zousteiert.
An deser allegorescher Geschicht em Identiteitsfindung an zweschemenschlech Kommunikatioun am Zaitalter vun High-Tech-Wahn an paralogogenetescher Sublimatioun entdeckt den epigonenhaften Protagonist (eng gewess autobiographesch Nout as wuel net ze verleugnen, wann een dem Spinner sai Werdegang e bessen ennert d Lupp helt) seng Affiniteit fir d ostindesch Vendanta-Léier a begett sech op d Sicht no den apodikteschen Grondvirrausetzungen vun der menschlecher Existenz.

Wei en rouden Fuedem zeien sech d Vanitas-Motiv an d postmodernt Liewensgefill vum horror vacui duerch dei wei zurechtgeploooschtert Sätz vun desem Roman, dei sech zu engem laangootmegen a kakophonen Klanggebild zesummefügen.
Ech froen mech wierklech, waat fir een Idiot sech et ugedoen huet, desen Artikel bis heihinner ze liesen. A waat fir en Idiot sech dobai och nach abild, vlait iergendeppes vun deem ganzen Wouscht verstaanen ze hun. Hei as net den Uert, un deem verstaanen gin kann. Neierens as den Uert, un deem verstaanen gin kann. Tatsächlech? Wann dei nemme weissten…
Et wor emol e klenge Kueb mat enger scheiner weisser Mutz, deen huet naicht leiwer giess wei e gudde stenkegen Camembert. A wou et kee Camembert mei gouf, do gouf aus him e fette klenge Kueb mat enger oranger Mutz dee naicht mei gehaasst huet a leiwer giess huet wei e gudde stenkegen Camembert.
Waat dat ganzt soll? Ech muss jo schließlech iergendwei probeieren, een op duerchgeknallten Spenner ze maachen ;). Sed ubi dicitur luderi vere ludetur? (Bestemmte Leit schengt et halt e Bedürfnis ze sin, aller Welt ze weisen, dat se iergendwann eng keier e besse Latein gemeet hun, besonnesch am MSN Messenger ;))
Alles waat ze soen war, as net gesot, sou bleiwt just nach eng lescht Fro: waat fir en Iesel huet och nodeems en am veierten Abschnitt als Idiot bezeechent gouf nach net opgehaal, dest Geschwaafels vun engem Artikel iwwert e Buch, daat et guer net get, ze liesen?

P.S. Fini asini sunt qui amantur ab asino.

DH aka Kafka

Luxodaitsch

Ech mengen all Letzebueger deen an Deitschland studeiert huet schon gemierkt, dass wann een Letzebuegesch an Deitscht iwwersetzt, Verständnisproblemer kennen optauchen.
Hei e puer Verspriecher aus dem Laaf vum leschten Summersemester:

„Oh nein! Jetzt sitze ich hier beim Stempel!"
(eis Trésoriere an engem Café)

„Ich fahre mit der Mähmaschine über den Rasen."

„Ich fahre mit dem Staubsauger schnell drüber."
(vun enger gewess Madame Schaul)

„Da laufen mir die Schudderen den Rücken runter."

„Schneid doch nicht so eine Schippe!"

„Puhh, ich bin noch ganz im Dusel."

„Ja über diesen Witz kann ich mich immer freckt lachen."
(vun eiser LSH-Sekretärin, Auteur vun desem Artikel)

„Können wir auch die Rechenmaschine benutzen?"
(e Letzebueger an enger Klausur)

„Hänk mir doch keine auf!"

„Da geht mir aber jetzt voll die Hühnerhaut aus."

„Ich habe eine im Kanelli!"

„hast du schon die Kühe gestrichen?"

(alleguer anonym)

„Ich ruf dir an."
(e Klassiker)

Och mat deenen deitschen Sprech kann een alt mol duercherneen gin, sou koum et, dass op eemol en Erbsenzähler an en Paragraphenreiter en Erbsenreiter gouf.

Emgedreint kann et awa och passeiren, dass mir Letzebueger dei Deitsch net verstin. Sou ass d'Vermieterin dei engem Letzebuerger d'Wunneng iwerginn huet och falsch verstan gin wei se sot: „Im Keller steht auch ein Münzwaschautomat."
Dorops den Letzebuerger: „Münzwaschautomat? Wie? Zum Münzen waschen?"

Elisa Hippert

D`Forschette op de Kapp
Haart awer fair

Reichskrone

Wou? Dreikönigstrasse, nemmen op e puer Meter vum Neckar an der aaler Breck eweg.
Wat? Typeschen Heidelberger Restaurant wou haut die Leit iessen gin, dei freier als Student hiren Beier do gedronk hun.
Iessen? Nirwt Pizza a Pasta stin op der Kuart och Speisen vun der „gut bürgerlichen Küche". Ausserdems get eng Daageskuart ugebueden die sech no den Spezialiteiten vun der Saison riicht.
Gedrenks? Eng grouss Weinkaart an masseg Whiskysorten.
Preisser? Em 15€, dofir kritt een awer excellent z'iessen.
Qualiteit? Heigwaerteg.
Service? Personal rockt mee den Service klappt.
Markenzeechen? Entdeckt den „Graf von Heidelberg".

Schnitzelhaus Alte Münz

Wou? Direkt um Neckarmünzplatz (Neckarmünzgasse 10), emmer dem Neckar nogoen Richtung Karlstor (de Restaurant ass bei engem zimmlech modernen Busarrêt, deen engem leider d Vue op de Neckar versperrt).
Wat? Rustikalen Restaurant mat iwwert 100 Schnitzelvariatiounnen. (grouss Terrasse am Summer)
Iessen? Vum normalen Wiener bis zum Schnitzel mat Kaffi oder Chocolat misst fir all Geschmach eppes op der Kuart ze fannen sin.
Gedrenks? Weizen a Schnitzel, wat e Genoss!
Preisser? Fir 15€ kritt een e Schnitzel, Fritten an Zalot an en Drink.
Qualiteit? Innovativ a kreativ.
Service? Frendlech a fein.
Markenzeechen? Eng rieseg Kuart op där een nemmen verreckten Schnitzelkreatiounen fennt.

Reichskrone:

Schnitzelhaus Alte Münz:

Ivan Ridolfi aka Capo

Divers: Ennerwaasserugby- Eng ausgefaalen an flott Sportart

Ennerwaaserugby ass net sou schlemm wei et am Ufank vielleicht klengt. Et ass eichter eng taktesch an Ekippensaach wei dass et op individuell Stärkt ukennt.Waat aussergeweinlech ass, ass den Fakt, dass een et an engem 3 D Spillfeld gespillt gett, an doduerch och Passen no ennen oder erop meiglech sin.

E puer Regelen

Gespillt gett et an der Breed vun enger 25 m Piscine dei vun 3, 80 bis 5 Meter deif ass. Ziel vum Spill ass et den Ball an engem Goal ze versenken, deen um Buedem befestegt ass (an eichter wei eng Pabeierspubell ausgeseit wei en Goal). Well den Ball mat Salzwaasser gefellt ass, ass en mei schweier wei d Seisswaaser, an fällt op den Fong, wouduerch Passen enner Waasser vun bis zu 3 Meter meiglech sin.
Et sin emmer 6 Leit pro Ekipp am Waasser, woubei all Spiller sein Wiesselpartner huet mat deem en sou oft wei en well wiesslen kann (an muß). Deen Spiller deen den Ball huet kann ugegraff gin, et därf een deen Moment alles ausser un Material (Flossen, Brell Schnorchel) vum Ballfeirenden goen. Natirlech ass och onfaired spillen net erlaabt. Soubaal een den Ball awer lass leisst (freiwelleg oder net) derf een dann och net mei vum Geigner ugepaakt gin. Et muss also net gefaart gin, dass een enner Waasser festgehaal gett wann een keng Loft mei huet. Op Hochschultourneiren gin normalerweis 10 Minuten pro Match gespillt (klengt net vill, geet awer mei wei duer), an der Liga sin et 2 Halschenten vun je 15 Minuten.

Ennerwaasserrugbyspiller an Aktioun

Ennerwaasserrugby vun der Uni Heidelberg

Cai- Piranhias heescht den Club vun der Uni, an deem mettlerweil rem 10 Leit aktiv sin an regelmeisseg traineiren. Dennstes gett mam TCO Weinheim zesummen zu Dossenheim traineiert, an Freides ass Konditiounstraing vun den Studenten am Feld.
All Mensch deen interesseiert ass et ze probeiren ass herzlech wellkomm, bei weidere Froen kann een sech beim mir mellen: tomketter@hotmail.com.

Tom Ketter

SPONSOREN: MERCI FIR ÄR ENNERSTETZUNG!

- Reklamm -

LSH EVENTS TO COME

All Woch:

Densdes, ab 21h: Stammdesch am Lager/Reichsapfel an der „Untere"

Soss nach:

16.-18. November	Rees op Berlin
01. Dezember (Samsdes)	LSH-Bal am Flying Dutchman zu Beefort
18. Dezember (Densdes)	Singlebells-Party (HD)

Futtball:

Leider kruten mer dest Joer d Haal an der Theodor-Heuss-Schule net. Falls genuch Interesseierter dosin, genge mer eng Saisonskaart fir zeng Keieren an der Soccarena huelen, wou dann awer jiddwereen deen matspillt zweschen 30 a 40€ misst beileen. Nei Leit, dei u sech um Futtball interesseiert sin, sech awer lo net direkt verpflichten wellen fir de Beitraag ze bezuelen an emmer ze kommen, kennen eisem Sportsminister trotzdeem mol eng Email mat hirer Telefons- an/oder Handynummer schecken (benjaminbollendorff@msn.com); hien kann sie dann informeieren, falls eppes mei genaues feststeet oder falls mer ouni Saisonskaart spillen gin

Informatiounen fenns du emmer op www.lsh.lu, konventionell an denger Breifboite oder modern an denger Mailbox - oder fro einfach een Member vum Comite.(comite@lsh.lu)

PERKEO INFO

Perkeo – D´letzebuerger Studentenzeitung fir Iwwerwourecht an Iwwerrecht.
Nummer 18 – November 2007 (Densteg,23.10.2007)
Erschengt eemol am Semester.
D´Redakioun an d´Auteuren weisen all Responsabiliteit fir den Inhalt vun den Artikelen vun sech a plädeieren schon am viraus op Onzourechnungsfähegkeet.
Letzebuergesch as just eng Baueresprooch, dofir schreiwt jiddwereen et wei e well
Oplaach: zweschen 60 an 120.000 (fluktueiert mam Waasser-Pegel vum Neckar)

Responsable Perkeo: David Heckel (heckeldavid@hotmail.de)

Un deser Editoun hu matgeschafft: Ben Bollendorff, Tom Ketter, Elisa Hippert, Ivan Ridolfi, Anne Tisleric...
E grousse Merci u sie all!

Ureegungen a Kritik sin natierlech net wellkomm an hun gefällegst ze ennerbleiwen; d´Emailadress perkeo@lsh.lu dengt nemmen dozou, potentiell regimefeindlech Forcen auszemaachen an gegiewefalls ze elimineieren...